déi Lénk

Walen 2018: Questionnaire vun der ALAtD (Association Luxembourgeoise des Art-thérapeutes Diplomés)

1) Wéini gëtt de Beruff vum kënschtlereschen Therapeut unerkannt, an zwar als eegestännege Beruff mat spezifesche Kompetenzen?

Mënsche sinn esou ënnerschiddlech, dat et aliicht, dat och ënnerschiddlech Therapieformen ugebuede musse ginn, fir eng gutt psychesch Gesondheet vun der Populatioun kënnen ze garantéieren. Des Therapië musse verstäerkt präventiv ugebuede ginn, virun dat d'Mënschen an déif Krise falen. Wëssenschaftlech Studie beleeën, dat kënschtleresch-therapeutesch Offeren engem Deel vun de Persoune mat psycheschen Erkrankungen am beschten hëllefen. An engem Land, wat am europäesche Verglach mat am meeschte psychotrop Substanze consomméiert, a wou den Alkoholkonsum oft a Relatioun mat psychesche Problemer steet, ass et ëmsou méi wichteg, de Clienten all méiglech funktionéierend Therapiemoossnomen zur Verfügung ze stellen. Déi Lénk wëllen, dass de kënschtlereschen Therapeut schnellst méiglech als eegestännege Beruff unerkannt gëtt.

2) Wéini an op wat fir eng Manéier gi kënschtleresch-therapeutesch Offeren deene Clienten, déi dovunner kloer profitéieren, accessibel gemaach?

Den offizielle Regëster ass bis ewell just fir Psychotherapeuten op. Déi kënschtleresch Therapeute sollen als eege Grupp an Therapieform an den offizielle Regëster mat opgeholl ginn, wa si déi néideg Qualifikatioune matbréngen. Des Qualifikatioune solle mat der ALAtD a.s.b.l. an anere Professionelle festgehalen an national virgeschriwwe ginn. Duerch de Regëster fannen d'Clienten, bzw. hiren (Haus)dokter, déi qualifizéiert kënschtleresch Therapeuten. Déi Lénk fuerderen dat d'Therapië vun de kënschtlereschen Therapeuten, déi zum Regëster gehéieren, vun der Krankekeess rembourséiert ginn.

3) Wéini gëtt eng besonnesch vulnerabel Populatioun endlech geschützt virun net oder net gutt genuch ausgebilte Leit, déi Konscht-, Musek-, Danz- oder Theatertherapie ubidden?

Persounen, déi net déi néideg Qualifikatioune matbréngen a net konventionéiert sinn, géingen sech strofbar maachen, wa si Therapien ubidden. Duerch d'Tatsaach, dat de kënschtlereschen Therapeut kloer festgehale Qualifikatiounen an Ausbildunge muss hunn, wat och iwwerwaacht soll ginn, ass déi vulnerabel Populatioun bescht méiglech vu net genuch ausgebilte Leit geschützt.